Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/02/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft & Digitalisatioun weiderzeleeden.**

De kierzlech publizéierte "Global AI Index" vun The Observer/Tortoise Media analyséiert d'Kapazitéite vun 93 Länner am Beräich vun der kënschtlecher Intelligenz (KI) a bewäert dës an dräi Haaptkategorien: Investitioun, Innovatioun an Ëmsetzung. Lëtzebuerg beleet an dësem Ranking déi 27. Plaz am globale Verglach. Wärend d'Land a bestëmmte Beräicher, wéi deem vum Talent (14. Plaz) an deem vun der Entwécklung (15. Plaz), staark Resultater opweist, geet aus dem Rapport ervir, datt Lëtzebuerg am Beräich "Government Strategy" mat enger 57. Plaz däitlech ënnert dem Duerchschnëtt an hannert sengen europäeschen Noperen ofschneit.

D'Methodologie vum Index präziséiert, datt de Pilier "Government Strategy" d'Déift vum Engagement vun der nationaler Regierung moosst, inklusiv geplangten Investitiounen an Ausgabe fir Formatioun, Fuerschung, Infrastruktur an d'Ënnerstëtzung vum Privatsecteur. Eng 57. Plaz an dësem Beräich, bei enger gläichzäiteg gudder Positioun beim "Talent", deit op e méiglechen Desequiliber hin tëscht dem Potenzial vum lëtzebuergeschen Ekosystem an de politesch strategesche Kaderbedéngungen, déi néideg sinn, fir dëst Potenzial laangfristeg ze halen an auszebauen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi erklären d'Ministeren déi schwaach Placéierung vu Lëtzebuerg (Rang 57) am Beräich "Government Strategy" am Verglach zu anere Kategorië wéi "Talent" oder "Development"?

2. De Rapport gëtt un, datt d'Methodologie fir 2025 ugepasst gouf, fir e méi staarke Fokus op konkret Investitiounspläng an Ausgaben an de Beräicher Fuerschung, Infrastruktur an Training ze leeën. Feelen der Regierung aktuell konkret a budgetiséiert Investitiounspläng an dëse Beräicher, oder

piraten.lu

PIRATEN

goufen dës Donnéeën net adäquat un d'Auteure vum Index kommunizéiert?

3. Wéi gedenkt d'Regierung de Gruef tëscht der héijer Disponibilitéit vun Talent (Rang 14) an der als schwaach bewäerter strategescher Ënnerstëtzung duerch de Staat (Rang 57) ze schléissen, fir en "Brain Drain" vu KI-Spezialisten ze verhënneren?
4. D'Resultater am Beräich "Research" (Rang 34) leien däitlech hanner deene vum "Development" (Rang 15). Wéi eng spezifesch Mesuren si geplangt, fir d'akademesch Fuerschung an d'Publikatiounen am Beräich KI zu Lëtzebuerg gezielt ze stäerken?
5. Laut dem Index baséiert de "Commercial Ecosystem" (Rang 28) net méi nëmmen op Start-ups, mee op der breeder Verdeelung vun Innovatioun. Wéi eng konkret Ureizer oder Programmer si virgesinn, fir etabléiert lëtzebuergesch Betriber bei der Implementéierung vu KI-Léisungen ze ënnerstëtzen an domat d'Positioun am "Operating Environment" (Rang 26) ze verbesseren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés